ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 5503 schreift d'Madamm Minister fir d'Famill mat Bezuch op d'Raimlechkeete vun der „Wanteraktioun", datt déi Lokalitéite „largement suffisantes" sinn. An deem Kontext, wéilt ech der Madamm Minister nach dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit, déi dës Struktur benotzen, hale sech dat ganzt Joer zu Lëtzebuerg op a wéi vill sinn der eventuell just op der Duerchrees? Huet d'Regierung doriwwer Erkenntnësser?
2. Wéi ass et ze erklären, datt trotz der net ausgelaaschter Struktur vill Leit ouni feste Wunnsëtz awer op der Strooss schlofen?
3. Ass an der Struktur garantéiert, datt d'Hygiene, d'Nuetsrou an d'Sécherheet vun de Leit garantéiert ass? Ginn déi Leit, déi op der Strooss liewen, all iwwert dës Offer informéiert, fir datt keen aus Onwësse muss bei niddregen Temperaturen dobausse bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten